Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4251 betreffend der Unerkennung vum Fuerassistenzsystem FSD Supervised (vun Tesla) an Holland huet d'Mobilitéitsministesch op déi europäesch Prozedur verwisen an oppe geloss, ob Lëtzebuerg de Fuerassistenzsystem och hei wäert provisoresch erlaben. Si äntwert och, dass nom Artikel 39, Paragraf 4 vum EU-Reglement 2018/858 […] *"déi aktuell Geneemegung provisoresch a prinzipiell op den Territoire vum Memberstaat limitéiert [ass], deen se ausgestallt huet."*

Den Artikel 39, Paragraf 5, gesäit awer och vir, datt d'Autoritéite vun anere Memberstaaten dës provisoresch Homologatioun wärend der Examensperiod vun der Kommissioun op hirem Territoire kënnen akzeptéieren, wann si d'Autoritéit, déi d'Homologatioun ausgestallt huet, schrëftlech doriwwer informéieren. Esou geschitt an der Belsch, Estland an Dänemark.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, dass den Artikel 39, Paragraf 5, vum EU-Reglement 2018/858 Lëtzebuerg d'Méiglechkeet gëtt, fir eng provisoresch Homologatioun vun der RDW fir FSD Supervised um nationalen Territoire z'akzeptéieren, wärend d'Examensprozedur um europäeschen Niveau nach leeft?

piraten.lu

PIRATEN

2. Géif esou eng Unerkennung eng zousätzlech national gesetzlech Basis verlaangen oder kéint dës Entscheedung als administrativ Decisioun vun der zoustänneger Homologatiounsautoritéit am Kader vum Artikel 39, Paragraf 5, geholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés